eng KLACK fir eis SPROOCH
28. Joer
Nr. 274

20, Conter-Strooss – L-5955 Izeg
Tel. 47 06 12
E-Mail: actioun@letzebuergesch.lu
lexroth@pt.lu
http://www.actioun-letzebuergesch.lu
Cotisatioun: 15 €
CCPL LU75 1111 0066 4448 0000
BCEE LU52 0019 1000 7250 4000

Comité a Redaktioun:
BACHE Claude (President), KAELL Patrick (Sekretariat), WEIDIG Tom (Finanzen), ROTH Lex (Vize-President a Redaktioun), ATTEN-HAAG Mariette, EHLERINGER Patrick, KLEIN Alexis, WACHTER Romain, WEBER Vic (Memberen), MORARU Clara (cooptéiert)

Nächst Klack (Nr. 275): Samschdes, de 6. November 2021

# ‚EISEN‘ 10. Oktober 1941

vum Lex Roth



Et bréngt roseweineg, deene jonke Leit mam Fanger an der Lucht ëmmer erëm feierlech ze soen, wéi schlëmm et hei vun 1940 bis 1944/45 war. **Dat sinn elo méi wéi 80 Joer hier.** Wien hätt äis ‚Eeler‘ da mam ‚béise Fanger‘ Verständnes fir den Éischte Weltkrich kënne bäibréngen, deen an de 40er Joeren eréischt 25 Joer hier war, keng 80!

Gewëss, fir Lëtzebuerg sinn déi zwee Kricher net onbedéngt ze vergläichen. 1914/18 war et vrun allem den Honger; vun 1940 bis 1945 guffe mir vun den Nazien iwwerrannt an duerno véier Joer laang op all Manéier schrecklech gepéngegt. Mä dat sinn elo dräi Generatiounen hier, a mir mussen drun denken, datt d'Zäit d'Wierklechkeet vu gëscht an haut a mar nun emol verblatze léisst. Déi eenzeg Fassong fir ‚eppes‘ dogéint ze maachen: **Auserneendin, datt eist eegent (souveränt) Land an d'Fräiheet beileiwen näischt Selbstverständleches sinn;** wat ass dann d'Fräiheet, wann een se ëmmer hat? Mir brauche jo nëmmen ze kucken, wat an der Welt ‚lass‘ ass... oder och net. Huelt emol nëmme Syrien an Afghanistan...

Wa ‚mir‘ äis géint den Nazi-Terror net ‚geschéckt‘ hätten, wier Lëtzebuerg haut e klengen, aremséilege Motz-Eck vun der Belsch o Stëbseck vu Frankräich... no 1918 war et jo drop an drun. **Wa mir den 10. Oktober 1941 – firwat och ëmmer – déi hannerlëschteg dräi Froe vun dem als ‚Personenstandsaufnahme‘ verkleete Referendum falsch beäntwert hätten;** wann d'Lëtzebuerger op déi Froen net dräimol ‚lëtzebuergesch‘ geäntwert an d'Nazien domat blaméiert hätten, dann... ower ‚mir‘ hunn äis net ‚verképpe‘ gelooss!

‚COMMÉMORATIOUN‘ ass jo e feierlechen Ausdrock, mä vläicht villzevill abstrakt fir zerguttst un d'WIERKLECHKEET an d'Doudsgefoer, vläicht och fir un eis enorm Chance bei den Alliéierten ze erënneren. *‚Luxembourg resists agressor‘* stong am Oktober 1941 an der amerikanescher an englescher Press. **Et kann ee bal soen, d'Lëtzebuerger hätten sech hir Existenz als international souveräne Staat duerch de Preisen hir iwwerhieflech Topegkeet ee fir allemol mam ‚Referendum‘ vun 1941 an dem Streik vum September 1942 selwer ‚kaaft‘...** deier a batter bezuelt; vill ze haart, fir datt ‚mir‘ et sollen, à la Le Pen, als ‚détail de l'Histoire‘ duerchgoe loossen.

Am Artikel 1. vun de Statute vun der ACTIOUN-LËTZEBUERGESCH steet däitlech, datt si sech fir alles asetzt, wat LËTZEBUERGESCH ass... apaart fir eis Sprooch! Mä da **bedenkt emol, watfir eng Roll eis Mammesprooch den 10. Oktober 1941 gespillt** huet, wéi d'Nazi-Fatzbeidelen hir Blamage geschnauft haten... an hir hannerwänneg ‚Personenstandsaufnahme‘ ofgeblosen hunn. Dat ze verstoen, ze BEHALEN, vläicht ze BEDENKEN ass nun emol den déiwe Sënn vun eiser ‚Journée Nationale de la COMMÉMORATION‘. Vive eist Land!

# Verlaangeren…

Et ass gelungen, datt mir a beschte franséische Wierderbicher **am Fong kee Wuert fannen, dat d'Gefill fir eist ‚Verlaangeren‘ zerguttst ausdréckt;** mat ‚impatience‘ a ‚se languire‘ schéngt et net grad duerzegoen; dat huet éischter mat ‚ongedëlleg‘ ze din. Do huet een ewell méi en exakt Gefill mam englesche ‚longing/ yearning‘. Dat däitscht ‘Sehnsucht/ sehnen’ ass äis jo souwisou aus der Literatur geleefeg, mä **d'Lëtzebuergescht geet hei säin apaarte Wee mat dem Verb ‚verlaangeren‘**, dat dann och als Substantiv gëllt. Eent vun eise schéinste Lidder huet d'Verlaangeren esouguer als Titel (‚An Amerika‘). Et ass natierlech Famill mam däitsche Verb ‚verlangen‘, grad wéi mam Substantiv ‚Verlangen‘... geet ower an der ‚Feinofstëmmung‘ méi déif. Et ass souzesoen den Ënnerscheed tëscht Seid a Léngent.

# Skandinavesch Sproochen. Wäit auserneen?

D'Sprooche vun Dänemark, Norwegen a Schweden hu **‚germanesch‘ Wuerzelen**; grad ewéi dat Holländescht, natierlech d'Däitscht ... a grad esou d'Lëtzebuergescht. Et ass an deem Streech intressant, emol ze kucken, wéi ‚no‘ oder ‚wäit‘ déi dräi skandinavesch Idiomen da mateneeen ze din hunn... do kann een sech nëmme wonneren!

An der Zäit huet emol en däitsche Frënd, mat enger Schwedin bestuet, mir e flotten Dictionnaire matbruecht, an deem fir all Wuert **déi dräi skandinavesch Sproochen an enger Tabell niewentenee** stongen (synoptesch). Haalt iech un: **Si sinn zu 95% dselwecht!** Den Ënnerscheed besteet an de Schreifweisen an der Aussprooch; en ass ongeféier mat der Differenz vum ‚Weelzer‘ mam ‚Dauler‘ ze vergläichen. Dat Ganzt ass ower net verwonnerlech, wann een sech an déi lescht 200 Joer vun der skandinavescher Geschicht a Kultur erakneit. Déi Dräi (och nach Island an eng Partie Inselen) wëllen sech vuneneen ënnerscheeden an als eege souverän Staate weisen... hirt gutt Recht. A mir?

# Kuckt, wéi d'Lëtzebuergescht seng Piedercher trëppelt! Elo all Kéier 30 Beispiller. Iwwersetzen?

*De Jéis huet sech ewell ferm geréselt;*
*hien ass vill méi gouereg ginn.*
*Déi haten sech dëslescht fatzeg an d'Buuschte kritt.*
*Du knätschs ower wéi e Giss.*
*Botz deng Schnuddel emol zerguttst.*
*Hal net déck a kuck, dass de verkënns!*
*D'Tréis ass nawell e gutt Stéck méi ëmpeg ginn.*
*De Rosch ass getrollt an huet sech eng gutt ginn.*
*Ech hunn deem emol de Wouer geblosen.*
*Hien huet eragefeiert wéi e Biischtebënner.*
*Deen Topert soll se dach zouhalen.*
*Et huet geschott wéi mat Eemeren.*
*Gëscht huet et riicht era geplätscht.*
*Looss dee Männi dach goen.*
*Hal dach op mat dengem Gesouers!*
*Du méchs mech rosen.*
*Dat do ass menges Kotteng.*
*Den Tunn ass nawell en Äerdegen.*
*Mat deem Trëllert ass näischt ugefaang.*
*D'Gréit ass eng elle Kréischel.*
*Déi Giedel ass wéischt a schro.*
*Déi haten sech wéinst Topereie mateneen.*
*De Jemp hat eng am Biz/eng un/an de Been/am Kanälli.*
*De Jang ass en Dräibiz; dee geet mer net.*
*Ech maufelen un enger Gebeesseschmier.*
*Schlupp net esou bei der Zopp.*
*Ech fleeten iech voll mat ärem Gedéngels.*
*De Krappert späizt vun Ondugenheet.*
*D'Kätt huet et fatzeg op seng Schwéiesch sëtzen.*
*Wat tuddelt deen Dabo do?*

# EUROPA-Gebaier a Schoul

Datt d'EU (uganks de 50er Joeren offiziell nach CECA), hir **éischt administrativ Bureauen hei zu Lëtzebuerg** hat, weess vun deenen zwou leschte Generatiounen zesoe kee méi. Scho guer net, datt **d'Eisebunnsdirektioun déisäit vum Spuerkees-Gebai bei der Neier Bréck d'Blat huet misste botzen**, fir den alleréischten Europa-Bureaue Plaz ze maachen. Just eng kleng, pechschwaarz schimmeg Plack erzielt dat... déi dofir ower knapps engem opfällt a bal net ze liesen ass. Et geng ee bal mengen, mir wëllten eis Roll vun deemools verstoppen. Eng Schan!

**Déi alleréischt EUROPA-Schoul vun der Communautéit (um Glacis)** huet zënter Joer an Dag en aneren Zweck; si ass elo erëm ‚frësch‘ gemaach ginn...déi apaart **Skulptur uewenериwwer mat der Schrëft SCOLA EUROPAE drënner ass einfach verschwonn.** En Hummer! Ower kee Verantwortleche seet e Pipjeswuert. Wéi soll een dat dann nennen?! Halo, Staadter Gemeng! Et ass Är Schoul!

**An der Zäit sinn an der Europaschoul nëmme Kanner vun ‚auslännesche‘ Fonctionnairen a Beamte vun ‘der EU gewiescht;** dat war jo och hiren Zweck. No an no guff dee Prinzip ower verwässert; dat ass dat Mannst, wat ee soe kann. Deer ‚Besserer‘ – oder deer, déi ee ‚kannt‘ hunn (deen ee kannt huet, deen ee kannt huet ☺ – kruten hir Kanner dann do ‚placéiert‘. Dat huet nach laang net nëmmen zu Guddem geféiert. **Do leiden der nach haut vill drënner, wat eis Sprooch ugeet,** well d'Lëtzebuergescht an der EU-Schoul en ‚NO GO‘ war an ass. Schued.

# Wat méi ‘no’, wat méi Eises

Eis Sprooch huet **um Gebitt vun eisem Kierper a sengem Zoustand eng Partie Ausdréck an Ausdrocksweisen, déi praktesch net eeriicht an eng aner ze iwwersetze sinn...** just datt mir net esou liicht dorun denken☺. Sot emol engem zu Weimar, dir hätt *‚d'Klatz wéi‘ – ‚eng Jick‘ – de ‚rosene Wuerm‘ – eng Äss – de Pillchen – e Roff – eng Bëls – d'Strass wéi – de Mo op der Kopp – de Schë... – eng Näidwuerzel – eng Knätzel – eng Midderchen – de Knéi am Jelli – Huff un der Fiescht – Schadder am Gesiicht – Blatz an den Aen – eng Schnuddel – e Lach am Verhalt – et wier iech killzeg/schuddereg – dir gengt iech rëselen – hätt eng Knupp am Réck – e Koz an der Nues – et wier iech dämpeg asw...*

An dann **emol net dovun ze schwätzen, dat ‚Geméch‘ an eng aner Sprooch ze iwwersetzen.**




# D'Fabele sinn erëm do

Déi zweet Editioun vun de La Fontaine-Fabelen op Lëtzebuergesch war zënter Méint vergraff... e gutt Zeechen. Déi sinn elo, weider verschafft, an drëtt Editioun erëm do. Dir kënnt se a jidfer Bicherbuttek froen a kritt se fir 18.50 €.